

Ween däerf sech als Lëtzebuerger fillen?

Zum Lëtzebuerger gehéieren anscheinend Marienkult, Dynastie, Europaiwerzeegung a Sprooch: an engem neien Heft vu "nos cahiers" (2/84) gët versicht d'Lëtzebuerger Nationalgefill ze definéieren, woubäi wesentlech Aspekter vergiess gi sin.

Am Jongelycée um Lampertsbiërg huet am Schouljoer 1983-84 e Reliounsprof sänge 7e-Schüler an d'Heft diktéiert: "Durch die besondere Fürsprache der Trösterin der Betrübten wurde Luxemburg am 10. September 1944 durch die Amerikaner befreit." Ech wëll mech hei nët mat där magescher Opfaassung vu Relioun beschäftegen, di an deem Saz stécht, mä éischer mat där Vermëschung vu Relioun a Patriotismus, di fir verschidde Leit typesch ze si schéngt. Dat geet och aus enger Extranummer vu "nos cahiers" ervir, di "forum" zur Bespriechung vun der St.-Paulus-Dréckerei kritt huet. (merci...!)


Du sentiment national des Luxembourgeois = nos cahiers. lëtzebuerger Zäitschrëft fir kultur, Nr. 2/1984, 272 SS., 550 F

Dem Prof säi Saz kënnt nämlech heidran am Edouard MOLITOR sängem Artikel stoen, deen - och e fréiere Reliounsprof am LGL - horgenee an dee selwechte Krack heet! Säin Artikel, grad wi dem Amerikaner John DUNNING säin, gehéiere guer nët an dës Nummer well si am Fong nëmme subjektiv e bestëmmit Nationalgefill ausdrécken a nët objektiv dat Gefill analyséieren.

Mä och de Gilbert TRAUSCH schwätzt vum Mariekult a versicht nozeweisen, wéi deen zur Formation vum engem Nationalgefill bäigedroen huet. Hien zitëiert eng ganz Rei Texter, di weise, wi d'Oktav, no 1842, zu engem Fest mat nationalen Dimensione gin as. Mä ganz iwwerzeegend fannen ech säng Beweisfeierung nët, wëll bal nëmmen d'"Luxemburger Wort" vun der Oktav iwwerhaapt schwätzt, an deem säng Verbreedung a Repräsentativitéit gët nët analyséiert.

Dat zweet Phänomen, dat de G. TRAUSCH ënnersicht, fir no engem Lëtzebuurger Nationalgefill ze fuer-schen, as d'Unhänglecheet vum Vollék un d'Dynastie. Dobei gët en awer selwer zou, dat dat zum Deel e Mythos as, dee bewoßt vum den Autoritéiten an d'Gespréich bruecht gët an dee nët onbedéngt enger Realitéit entsprecht, besonnesch zur Zäit vun den hollänesche Kinnéken. Di politesch Absicht vun su engem Mythos gët grad da ganz kloer, wann de Respekt virum Kinnék mam Respekt viru Gott an een Dëppe gehäit gët. De Sträit ëm der Marie-Adelheid hire "faux-pas" gët am G. Trausch sängem Artikel och elegant ëmgaang. Jhust ee Saz deit un, dat d'"Gauche" anescht geduecht huet an deem Zesammenhank (S. 109). Zielt si da nët zum Vollék, deem säi Nationalgefill soll ënnersicht gin? Hat e Republikaner vu 1918-19 (19 vun 43 Deputéiert!) kee Nationalgefill?

Wann also dee patrioteschen Aspekt vum Marienkult nëmmen e Nieweprodukt wor vun enger reliëser Bewegung (di nët ze leegnen as), e Produkt, dat wi de G. Trausch weist, haaptsächlech op de Kont vun enger bestëmmter Press an eventuell de kierchlechen Autoritéite geet, wann zweetens d'Unhänglecheet un d'Dynastie ëischter en Thema vu politesche Riede wi eng populär Realitéit wor, da muss ee sech froen, op di zwee Kritären, di de G. Trausch gewielt huet, fir e Nationalgefill nozeweisen, nët grad esou gutt de Konträr beweisen. Vun engem "grand thème mobilisateur au niveau national"



Guy W. Stoos, Hochdruck

(S. 110) gëng also nët erëischt an onsen Deeg keng Ried méi.

De Problem fir e Nationalgefill nozeweisen as natierlech dee vun der Dokumentatioun: Wéi wëllt den Historiker dem einfache Vollek säng Gedanken a Gefiller erfaassen? Et schéngt mer, wi wann di meescht Lëtzebuurger Historiker dovir nët di néideg soziologesch Method géife matbréngen. Da gët sech eben op d'Aussoe vun de politesch feiernden Kreesser limitéiert an déi gin dann als repräsentativ fir d'ganz Vollek ausgin.

Zum Deel gëlt dat och fir dem Christian CALMES säin Artikel. Am allgemenge limitéiert och hie sech op de "pays légal", d'politesch Kaderen an och di wirtschaftlech feiernd Kreesser, wat bal dat selwecht as, deenen hir Politik a Reaktiounen vis-à-vis vum däitschen Afloss (an Ofhängekeet) oder vum belschen Annexionismus e studéiert. Hie mierkt awer ganz kloer, dat "pays légal" a "pays réel", also d'Vollek am Géigensaz zu sängen (durch Zensuswalrecht bestëmmte) Vertrieeder, nach laang nët iwwereneestëmmen. Dat erlaabt ëm dann zu däre ganz fortschrëttlech kléngender Theess zu kommen, d'Vollék hätt a Krisestonnen (1867, 1870, 1919) d'Land gerett (SS. 37 ff.). Wann 1870 43.773 Persounen (op 197 528 Awunner), also bal all Familjepäpp, Pétitiounen ënnerschreiwe fir d'Onofhängekeet vum Land a säng Neutralitéit z'erhalen, dann as dat eng kloer Sprooch. Dat beim Ausgang vum Referendum 1919 zugonschte vun der Großherzogin, an domat vun der Eegestännegkeet, d'Afeierung vum allgemenge Stëmmrecht eng Roll gespillt huet, as sécher och richtig. Mä di Theess schéngt dem kritesche Lieser dach e bësschen ze wéineg nüancéiert. Keng Kéier gët no sozialen oder regionalen Ennerscheeder am Vollek gekuckt. Tendenzen, di an eng aner Richtung gewisen hun - z.B. pro-nazistische Tendenzen a bestëmmte Kreesser virum leschte Krich, e.a. am "Luxemburger Wort" - gin ënnerschloe, well se nët an d'Bild passen. Och d'Resistenz am Krich gët op reng patriotesch Gefiller reduzéiert: hätten diselwecht Leit, 50 km mi wäit am Osten gebuer, also nët fir Fräiheet an Demokratie agestant? A fir de schéinen Ofschloß gët dem Vollek nach bestätegt, dat säi Nationalgefill nët nationalistesch as, mä an enger staarker Europaiwwerzeegung opgeet: "(...) dans le chef du Luxembourgeois (wi wann ët dee géif gin!) la composante européenne du sentiment national rééquilibre et conforte en quelque sorte son sentiment national de base." Dat de Joseph Bech dergéint wor, zevill europäesch Institutionen op Lëtzebuerg ze kréien - haut kräische mer, dat se nët wëlle kommen -, well en eng Iwwerfriemung gefaart huet, seet de C. Calmes nët. Reiwereien téscht Auslänner a Lëtzebuurger, där ët seit iwwert loo Joer gët, gin och iwwersin, obschons si jo och als en Zeeche vu Nationalgefill kënnen interpretéiert gin. Mä dat gëng de Begrëff Nationalgefill an engem gefeierleche Liicht erschéng loos-sen.

Beispiller vun esou negativen Erscheinunge vun engem Lëtzebuurger Nationalgefill fënnt een awer an anere Baidreeg vun dësem Heft, di dann ongewollt den zwee Historiker hir Etüde staark relativéieren. Sou erënnert z.B. e Fernand HOFFMANN un di eendee-tig nationalistesch Agitatioun vun der Nationalunion mam Siggy un der Spëtzt; beim C. Calmes gët si vergiess! Dee selwechte F. Hoffmann notéiert: "Der Integrationsfaktor (in der Resistenzbewegung) war nicht die Exil-Regierung und auch nicht das abstrakte Vaterland, sondern Großherzogin Charlotte." Kann een dann awer nach vu Nationalgefill schwätze, wann een d'Uersaache vun der Resistenz analyséiert?

Domat as e Grondproblem vun dësem Buch ugesprach: Wat as ënner dem Begrëff "sentiment national" ze verstoen? Dräi Mataarbechter jhust sin sech där Schwiergkeet bewosst: De Paul ULVELING setzt e ? hannert de Begrëff scho gläich a sängem Titel a seet aganks: "Nous devons, sans hésiter, remettre en cause tous les préjugés, tous les 'a priori' et poser franchement la question: Y a-t-il seulement un sentiment national se dégageant de la musique luxembourgeoise? (S. 195) Hien entwert mat engem klöre Neen. Och de Lex ROTH stellt d'Fro an de Fernand Hoffmann mengt: "Das Nationalgefühl klar zu definieren und seinen Komponenten fest umrissene Konturen zu geben, ist nicht leicht" (S. 134). Souwuel him wi dem Michel SCHMIT fällt et dann och schwéier, typesch lëtzebuergesch Zich an der Literatur respektiv an der Konscht zu Lëtzebuerg festzehalen. Wat si duerstellen as éischter, wéi d'Thema Lëtzebuerg a säng Geschicht an der Literatur an an der Konscht zum Ausdrock kommen. Op dobei en typesch lëtzebuergesche Stil entwéckelt gët, weist kee vun hinne no. Si hätte wuel missen zum selwechte Schluß wi de P. Ulveling kommen. Et dāarf ee méngentwegen de "Mouvement de la Solidarité Nationale" um Kanounenhiwel als Ausdrock vun engem bestëmmte Nationalgefill gesinn, mä eng typesch lëtzebuergesch Architektur as e nët, well en erënnert vill ze vill un ähnlech Monumenter zu Paräis (hannert Notre-Dame) an zu Natzweiler am KZ. Vun enger "kulturell-künstlerischen Eigenart einer Landschaft" (S. 188) géif ech dofir léiwer nët schwätzen. Déi schéngt et komescherweis jhust am 18. Jh. ënnert der Keeserin Maria-Theresia beim Bau vu Baurenheiser gin ze hun, also ir et e Nationalstat Lëtzebuerg gouf.

Och dës interessant Fro, wéiwäit e Nationalgefill scho virun 1839 bestan huet, gët leider jhust vum G. Trausch a F. Hoffmann kuerz opgeworf, mä kaum verdéift: "(Avant 1789) c'est un patriotisme régional ou provincial à l'intérieur des Pays-Bas (...). On se sent Luxembourgeois à Marche, à Neufchâteau et à Virton comme à Arlon, à Diekirch et à Echternach. Reste à savoir si on se sent Luxembourgeois de la même façon à Neufchâteau et à Echternach." Di selwecht Fro gëtt a puncto Zäit: fille mer ons haut als Lëtzebuurger anescht wi deemols? Sëcher as jiddefalls: "(...) ce genre de question ne s'est pas posée avant 1830-39 et après, elle n'avait plus de raison d'être." (S. 77) Firwat stellt "nos cahiers" se dann? Dorop musse mer nach zrëckkommen.

Dass d'Redaktioun och Zweifelen hat iwert d'Définitioun vu Nationalgefill, gesäit een um leschte Bäidrag: Den Henri KLEES versicht hei e puer abstrakt Begrëffsbestëmmungen, di dem Lieser allerdéngs kaum méi Kloorheet gin. Emmerhin mengt hien, eng National wär eng "subjektive Realität" (S. 243). Do fënnt en d'Zoustëmmung vum Fernand Hoffmann dee schreiw: "Die Summe dieser individuell-subjektiven Identitäten ergibt die nationale Identität" (S. 134).

An hie mecht direkt dee logesche Schrëtt, deen d'"forum"-Redaktioun scho 1982 vorgeschloen hat (Nr. 58, S. 23), a freet säng Studenten um "Institut" an um "Cours", wat fir si d'Nationalgefill as. Dësen 2. Artikel vum Fernand HOFFMANN as deen eenzeg, dee mat soziologesche Methoden un d'Fro erugeet. An d'Antworte vun de Studente man definitiv kloer, daß Nationalgefill u sech seelen as, mä daß vill éischter mißt vun Heemechtsgefill (dat op en Duerf, eng Landschaft limitéiert as), oder wi den Alain Atten am "forum" (Nr. 58, S. 4) sot, vun engem "Aarbeel voll Gewunnechten, Iddien an Erënnerungen" geschwat gin, di nët u Staatsgrenze gebonne sin, wa nët suguer vu materiellem Interess. Jiddefalls gët dës Enquête bei Studenten der "forum"-Redaktioun recht, di um Schluß vum Dossier iwert d'national Identitéit (Nr. 58-



en: D. Lëtzeburger Land, 16.10.1981

RAI


25.9.1982 - as nach ze kréien!) geschriwen huet: "Gerade weil sie diese Werte wie Liebe, Solidarität, Gerechtigkeit, Freiheit durch den Streit um Landesgrenzen in Gefahr sehen, ist vielen Jugendlichen heute der Wert einer nationalen Identität nicht mehr unbedingt einsichtig" (S. 24). De F. Hoffmann iwwersäit a sängem durchaus nüancierte Kommentär, daß säng Studente keng Käier national Grenzen an Zesummenhank mat hierem Nationalgefill bréngen.

Eng soziologesche "Approche" vum Thema hätt vläicht och emol de Sport als konstitutivt Element vun engem Nationalgefill analyséiert. Si wär och néideg gewiescht, fir en anere Saz vum H. Klees un der historiescher Realitéit z'iwwerpräiwen: "Nationale Identität vermag dadurch, daß sie formale Gleichheit in Aussicht stellt, bestehende Ungleichheiten individueller oder sozialer Art zu verdecken" (S. 246). Daß d'Historiker där Fro nët nogaang sin, hun ech jo schons uewe bedauert. Daß e Soziolog ënnert den Auteurs feelt, as em sou méi verwonnerlech wu ee vun de wichtegste Lëtzebuurger Soziologen an der St-Paulus-Dréckerei um Direkteschustall sëtzt.

D'Fro as allerdings och, ob di sozial Nüancen am Nationalgefill nët bewoßt vun der Redaktioun iwwergaang gi sin. An domat komme mer zrëck zur Fro, firwat esou eng Spezialnummer iwwerhaupt geschriwe gouf. Si mer haut mat Stolkris, TDF - a Coronet-Pläng, asw. an enger Zäit, wu ons national Identitéit besonnesch gefuerdert as? Dem Carlo HURY säng ausféierlech Bibliographie weist, daß d'Thema nët nei, awer op kee Fall vereelt as, daß ëmmer neess Autoren et opgräifen: meeschtens konservativer, di em d'Ennergoe vu Lëtzebuerg fäerten, mä och "forum" hat jo virun zwee Joer en Dossier doriwer. Deemols gong et der Redaktioun drëm,

engem Argument op de Fong ze goen, dat an der Diskussioun iwert d'Stëmmrecht fir d'Auslänner ëmmer neess gebraucht gouf: 'Da verléiere mer ons national Identitéit'. A "nos cahiers" kënn de Begrëff Auslänner oder Immigratioun jhust dräimol vir: De C. Calmes as zouversichtlech, daß d'Immigratioun di Lëtzebuergesch Gemeinschaft nët bis op der Dout a Fro stellt, well bis elo hu mer d'Auslänner nach ëmmer assimiléiert (S.71). De Lex Roth betount, wi kënn et anescht sin, d'Wichtigkeet vun der Sprooch fir d'Auslänner, di sech abiergere wëllen: lo ooo hun der säit 1976 dovur scho Lëtzebuergesch Courë besicht (S. 211). (A wéivill sin der dovur Lëtzeburger gin? - lo24 vu 1978 bis 1982!) An drëttens schwätzt de F. Hoffmann vun den Auslänner, hie warnt dervir, d'auslännesch Kanner an hirer Mammesprooch liesen a schreiwen ze léieren, well dann di sproochlech Assimilatioun onméiglech gët (S. 131). Wann een awer drun denkt, daß d'Sprooch haut deen eenzeg Ennerscheid tëscht Lëtzeburger a Nët-Lëtzeburger ausmeecht - doriwer sin d'Auteurs vu "nos cahiers" sech all eens - da versteet een dem F. Hoffmann säng Angscht. Säng Studente sin als eenzeg (typesch!?) anerer Meinung: fir si as d'Méisproochegkeet d'Hauptcharakteristik vum Lëtzeburger (4,07 vu 5 méigleche Punkten). Jiddefalls droen haut Fakture wi Mariekult, Dynastie, gemeinsam Resistenz géint d'Preisen nët mei zur nationaler Integratioun bäi; do as och de G. Trausch averstan.

'T schéngt also nët wi wann et bei "nos cahiers" em eng Identitéitsbehauptung géintwärt den Auslänner géif goen, wat sêcher ze begrëssen as. Eischter scho schéngt d'Redaktioun e Monument hu wëlle setze fir ons Sprooch, dat eng Rei Iwwerlëunge weiderféiere soll, di rondëm dat neit Sproochegesetz gemaacht goufen. Wann d'Auteurs awer all d'Sprooch als eischt Identitéitselement betounen, da muss ee sech allerdéngs froen, ob se nët esou duerch eng Hannerdir neess eraschläiche fir den Auslänner d'Hauptportal doch zouzeman. Fir verschidde Leit as jo nëmmen deen e gudde Lëtzeburger, dee lëtzebuergesch schwätzt, well 1941 bei der "Personenbestandsaufnahme" gouf dat décidéiert ... An deen eleng soll d'Stëmmrecht hun, well en anere Kritär as nët ze fannen. Dem F. Hoffmann säng Warnung kënn ee jiddefalls an deem Sënn interpretéieren, obschons grad hien d'Sproochegesetz kräfteg kritiséiert. (Säng sozio-linguistesch Aleedung zu sängem literarhistoreschen Artikel as eng Kamell, besonnesch nieft dem Sproochepurist Lex ROTH sänge Sätz, di wuel als eenzege Zweck hun op lëtzebuergesch geschriwen ze sin, well eng thematesch Ausso as kaum ze fannen.) Daß all di dichte Kulturpeepst, di hei zu Wuerd koumen, mat kenger Silb den Auslänner hir Kulturen zu Lëtzebuerg ernimme, schéngt och typesch a léist ee nodenklich gin. Kënn een da nët d'Theess opstellen, daß grad di multikulturell Aflëss an hir Assimilatioun duerch d'Lëtzeburger d'national Identitéit ausman, statt daß ëmmer dat Emgedrëit ugeholl gët? Dem Tun Nosbusch säi Kachbuch iwert d'Kichen zu Lëtzebuerg bréngt schon ex-italiënesh a portugisesch Menüen. Dem F. Hoffmann säin Ausgangspunkt vun enger Lëtzeburger Literatur, déi sech an dräi Sproochen ausdréckt (S. 132), kéint vläicht emol an déi Richtung... weiderentwëckelt gin... Dem Pierre GREGOIRE säi Saz: "Auch Nationalitäten sind (...) nichts anders als geschichtliche Gebilde, die dem Zeitengesetz der Veränderung unterworfen bleiben und demnach weder Vollkommenheiten noch Unbedingtheiten darstellen können" (S. 5), sollt een onbedéngt am Hannerkapp behalen, och wa säin Artikel soss séier konfus ausgesäit.



G.W. Stees, Nachdruck

Wann de Lex Roth schreift, daß masseg Effortën néideg woren, fir säit 1970 eng nei Sensibilisatioun fir d'Lëtzeburger Sprooch ze schafen, dann däerf ee jiddefalls drun zweifelen, daß si en zentraalt Element vun engem spontane Nationalgefill as. A wee sin iwwerhaupt déi sozial Schichten, di sensibiliséiert goufen: di grouss Mass kaum, mëng Schüler sêcher nët, eischter e gewësse biergerleche Milieu, deen duerch d'"Actioun Lëtzebuergesch" e schlecht Gewësse gemat krut, an deen och am Ausland traditioneller Weis sproochpuristesche empfindlech as.

Domat si mer neess bei enger grondlegender Kritik: et feelt dem Buch di sozial Nüancéierung. Mä als Ausdrock vun enger konservativer Schoul, muß ech soen, as et héich interessant. Och wann ech nach laang nët all Meinung deelen, dee sachelechen Toun huet mer gefall, et léist sech driwer diskutéieren, och wann ech hei nët alles op de Pabeier krëien!

michel pauly